Depot : Alexandra Schoos

**Groupe parlementaire**

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2024

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Nomenclature, d'Oplëschtung vun den Tariffer fir déi jeeweileg medezinesch Akten, a verschiddene Beräicher net méi den aktuelle Besoinen am Gesondheetswiesen entsprécht;

ass sech bewosst, datt

- eng déifgräifend Analys vun der aktueller Situatioun um Terrain néideg ass, fir eng zäitgeméiss Upassung vun der Nomenclature ze erméiglechen;
- dës Analys just méiglech ass a Concertatioun mat alle betraffene Beruffsgruppen aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur;

fuerdert d'Regierung op,

- sech mat alle betraffene Beruffsgruppen aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur ze concertéieren, fir gemeinsam eng déifgräifend Analys vun der Nomenclature ze maachen an, an enger zweeter Phas, noutwenneg Upassungen ze erméiglechen.